



En anert Beispill, wat Der och alleguerete kennt, wat nom selwechte System funktionéiert, ass Facebook. Facebook, dat brauch ech lech och net ze soen: eng Success Story, mat dem System vun den Aktien, déi un d'Personal gaange sinn. An, wéi gesot, et ass jo net nëmmen eng Saach, dass d'Aktien eriwerginn, et ass d'Gemeinschaftsgefühl vun alleguereten de Leit, déi dee Moment net en onzichtbare Patron hunn, fir dee se schaffen, mä déi sech vill méi an där Sociéitéit agebonne fillen, déi vill méi motivéiert sinn, fir do matzeschaffen, well et jo net nëmmen ëm dem Patron säi Portmonni geet, mä och ëm hiren eegenen.

Dat ass eng Saach, déi mer u sech ganz gutt gefält, an déi well ech wierklech ënnersträichen.

Ech kéint lech nach Tonne vu Saache soen, mä ech mengen, déi wichteg Saache si gesot ginn. Ech soen lech just einfach, quitte dass ech dee ganze Rapport minutiös versicht hunn, duerchezuliesen: Déi Saach, déi geet an déi richteg Richtung!

D'Sécurité juridique ass garantéiert, d'Finanzsituation ass esou flexibiliséiert, dass u sech den Développement vun de Betriber gesond hei zu Lëtzebuerg ka virgoen. D'Tiersen, all Mënsch, dee mat de Firmae ka schaffen, sinn och ofgeséichert. D'Personal kritt nei Perspektiven.

Dat sinn u sech véier Komponenten, déi fir mech schonn ausschlaggebend sinn, fir ze soen: Et ass e gudden Projet! An dofir bréngen ech ganz einfach hei den Accord vun der DP-Fraktioun.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. An da ginn ech d'Wuert un den Här „Roy“ Gibéryen.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Merci, Här President.

(**Hilarité**)

Ech well hei kuerz am Numm vu mengem Kolleg Roy Reding, deen an där Souskommission war, och dem Rapporteur Merci soe fir säi gudden Rapport, deen e gemaach huet.

Ech muss lech soen, ech war eng Kéier de Kolleg Reding an déi Kommission ersetzen an ech hu während den zéng Minutten, déi ech et do ausgehalen hunn, zwou Feststellungen gemaach: Déi Éischt war, dass ech dervun iwwerzeegt war, datt déi Kommission gutt géif eens ginn, wann ech net do wier,...

(**Hilarité**)

...well ech absolutt, muss ech soen, näischt dervu verstanen hunn.

An déi zweet Feststellung war, datt ech awer konnt do feststellen, datt mer d'Chance hunn, an der Kommission parteiüwergreifend gutt Juriste setzen ze hunn, déi d'Matière kennt hunn an duerfir och iwwer eng ganz laang Zäit hei eng gutt Aarbecht gemaach hunn.

An de Kolleg Roy Reding huet zu mir gesot, et wier e gutt Gesetz a mir kéinten et mat voller Iwwerzeugung stëmmen!

Ech soen lech Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. An dann huet d'Wuert den Här David Wagner. Neen? Keen?

► **M. David Wagner (déi Lénk).** - Neen, Här President.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Do gesitt Der, wéi fein dass ech war, an elo wellt Dir net! Dann huet direkt d'Wuert den Här Justizminister.

**Prise de position du Gouvernement**

► **M. Félix Braz, Ministre de la Justice.** - Merci, Här President. Well jo an der Chamber sech mat de Mercie soll ageschränkt ginn, wollt ech just soen, dass ech fannen, dass de Franz Fayot ganz gutt geschafft huet. Dat ass da kee Merci. An ech fannen, dass déi ganz Commission juridique, a besonnesch och déi Leit aus der Souskommission, ganz gutt geschafft hunn, wat hei wierklech net einfach war.

Et wier jo schéi gewiescht, wann et geklappt hätt, wann dësen Text virun engem Joer hätt kënne gestëmmt ginn. Dat war déi Hoffnung, déi verschidde Leit insgeheim haten, dass de Projet hätt kënne nach virum Summer 2015 gestëmmt ginn. Dat huet net ganz geklappt. Da sinn et eben elo 101 Joer, fir de Vott ze huele vun deem neien Text. Mä d'Haaptsaach ass, mir hunn den Text haut an der Ofstëmmung.

Dësen Text war ganz laang ënnerwee - virdrun ass gesot ginn, néng Joer -, en fait sinn et der nach bal zéng méi! D'Iwwerlegungen am Justizministerium hunn ugefaangen 1997 iwwer eng

Reform vum Gesetz vun 1915. An et huet zéng Joer gedauert, bis et dann zum Dépôt vun engem Text koom, dat och mat Hëllef vum Laboratoire de droit économique vun der Uni Lëtzebuerg, déi sech och an der Zwëschenzäit mat ageschalt hat.

An esou koom et dann 2007 zum Dépôt, plus déi néng Joer, déi et gebraucht huet bis haut zum Vott, maachen insgesamt - néng Joer, wou dee Projet an der Chamber ënnerwee war, plus déi zéng Joer virdrun -, also insgesamt 19 Joer!

Dat ass natierlech ganz laang. Mä eigentlech ass dat guer net esou schlecht. Den Här Gloden huet et virdru rappeléiert: De Projet vun 1915, dee war bal 35 Joer ënnerwee. Esou gesinn hu mer déi Zäit bal halbéiert kritt ee Jorhonnert méi spéit, wat eis dann awer net méi gradesou ganz lues wierke léisst, wéi et vläicht den Androck hat.

Ech muss awer och soen zu der Verdeidigung vum Projet, deen 2007 déposéiert ginn ass: An deene leschten néng, zéng Joer huet sech d'Finanz- an d'Wirtschaftsbild vun eisem Land ganz vill verännert.

Eist Gesellschaftsrecht ass e wichteg Bestandteil vun eiser Finanzplaz. An dës Reform vum Gesetz vum 10. August 1915 huet dann och als Haaptzil, eist Gesellschaftsrecht méi kompetitiv an och besonnesch méi zäitgeméis ze maachen. Dofir war et noutwendeg an de leschte Joren, ëmmer nees nei Adaptationen, nei Iwwerlegungen afléissen ze loosson an de Projet an Ännerunge virzehuelen.

Dofir, mengen ech, kann een haut net soen, dass de Projet, deen 2007 déposéiert ginn ass, kee gudden Projet gewiescht wier. Mä en huet och missen déi Upassungen an déi Entwécklung matmaachen.

Et ass ëmsou méi wichteg, dass eist Gesellschaftsrecht attraktiv bleift an e wesentleche Bestandteil och ass fir d'Entscheidungen, déi d'Sociétéiten treffen, déi zum Beispill hir Aktivitéiten op Lëtzebuerg wëlle verleeën.

Mir hunn haut ronn 120.000 aktiv Gesellschaften zu Lëtzebuerg. Et ass also en Element vun där Diskussioun. A mir hu jo d'lescht Woch nach iwwer äänlech Entwécklungen am Kader vum Brexit geschwat. An dofir well ech haut hei ënnersträichen, dass d'Gesellschaftsrecht minimum esou wichteg ass wéi all déi aner Aspekter, déi d'lescht Woch hei an der Debatte erwänt gi sinn, vu wege Positionnement oder méi aggressiv oder muer aggressiv. De Positionnement fënnt an der Substanz statt, net an den Deklaratiounen, net an de Pressecommuniquéen oder de Pressekonferenzen.

An een Haaptelement vun der Substanz, ob eist Land attraktiv ass, eis Finanzplaz attraktiv ass, ass ouni Zweifel eist Sociétéitéitrecht. Dat ëmsou méi, wou jo an de leschte Jore verschidden aner Instrumenter, mat deene mer laang geschafft hunn, an hirer Wierkung ageschränkt gi sinn.

Haut sinn et net méi d'Souveränitéitsnischen, déi ausschlaggebend sinn. Haut ass et wesentlech méi de Volet vun der Sociétéitégesetgebung, deen entscheidend ass. Och d'Steiere si wuel e wichteg Element. Mä och d'Steieren entscheeden net all Entscheidung vun enger Entreprise. Aner Elementer gehéieren dozou. An den Droit des sociétés ass e wesentlech Element bei der Gestaltung vun der Néierloosung vun enger Gesellschaft zu Lëtzebuerg, ob et eng Lëtzebuerger Entreprise ass oder eng auslännesch.

Dofir mengen ech och, dass et net schlëmm ass, dass deen Text laang ënnerwee war. En huet wuel vill Pappen a Mamme verschlass an där Zäit. Dee Projet geet op insgesamt véier Rapporturen zrëck. An et hunn net manner wéi fënnef Ministeren - fënnef Ministeren! - dee Projet vun der Iwwerleeung am Ministère bis haut zum ofschléissende Vott begleet. Dat ass schonn zimlech exceptionnell an der Lëtzebuerger parlamentarescher Geschicht. Mä d'Bedeutung vum Text ass och deementspreechend.

Ech well, Här President, net nach eng Kéier widderhuelen, wat souwuel de Franz Fayot wéi awer och den Här Gloden, d'Madamm Loschetter an d'Madamm Beissel schonn alles gesot hunn.

Ech well dofir och ofschléissen an nach eng Kéier d'Bedeutung vun dëser Reform ënnersträichen an awer och soen, dass ech frou sinn, dass d'Chamber der Regierung, dem Grand-Duc och d'Méiglechkeet gëtt, eng Kodifikatioun vum Gesellschaftsrecht virzehuelen. Dofir hu mer elo eng Base légale. Dat ass eng wichteg Saach.

Ech well och hei nach eng Kéier ënnersträichen, dass all d'Sociétéiten, déi mer haut zu Lëtzebuerg hunn, elo wäerte 24 Méint Zäit hunn, fir hir Statuten an Harmonie ze bréngen mat dësem neie Gesetz. Dat ass e verstännegen Délai. En ass net ze laang, mä en ass och net esou gestalt, dass en déi Betriber elo géif exzessiv ënner Drock setzen.

Ech mengen, mir hu mat deem heiten Text, mat där villen Aarbecht, déi drastéicht, deem ville gudden Wëllen, en Text, dee Lëtzebuerg brauch an deen eis elo hoffentlech och erëm fir eng laang Zäit wäert kompetitiv opstellen, och wann ech bezweifelen, au vu vun de leschten zéng Joer, vun der rasanter Entwécklung, déi mer kennt hunn, dass mer elo erëm eng Kéier wäerten ee Jorhonnert d'Fangere kënne dovun loosson. Dat, mengen ech, wäert net nach eng Kéier klappen.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Minister. An domat si mer um Enn vun eisen Diskussiounen ukomm a mir kënne zur Ofstëmmung iwwert de Projet 5730 iwwergoen.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 5730 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmung fänt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass eriwuer.

(**Interruption**)

War den Apparat net un?

Dann hu mer folgend Resultat: 58 Jo-Stëmmen an 2 Abstentiounen. Domat ass de Projet ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Aedem, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Fayot, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferdin, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Max Hahn), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Se sont abstenus: MM. Marc Baum et David Wagner.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze ginn?

(**Assentiment**)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

A mir géifen zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour iwwergoen, dat ass de Projet 6777 iwwert déi vereinfacht Prozedur, fir eng Société à responsabilité limitée ze grënnen, déi sougenannt „Een-Euro-Gesellschaft“.

An den Här Franz Fayot ass prett fir de Rapport. Här Fayot, Dir hutt d'Wuert.

**4. 6777 - Projet de loi modifiant, en vue d'instituer la société à responsabilité limitée simplifiée:**

**1. la loi modifiée du 10 août 1915 concernant les sociétés commerciales; et**

**2. la loi modifiée du 19 décembre 2002 concernant le registre de commerce et des sociétés ainsi que la comptabilité des comptes annuels des entreprises**

**Rapport de la Commission juridique**

► **M. Franz Fayot (LSAP), rapporteur.** - Merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegen, Här Minister, mir hunn elo just mam Vott vum Projet de loi 5730 d'Lëtzebuerger Gesellschaftsrecht moderniséiert. A mir kommen elo zu engem weidere Baustee vun der Moderniséierung vun eisem Gesellschaftsrecht an enger anerer Mesure en faveur vum Lëtzebuerger Entrepreneuriat.

Mir schwätzen elo iwwert d'Afféierung vun der Een-Euro-Gesellschaft, der Société à responsabilité limitée simplifiée.

Ech si schonn a menger Ried virdrun op d'Wichtigkeet vun engem moderne Gesellschaftsrecht fir d'Économie vum Land agaangen. An dëse Projet de loi huet och domadder ze dinn.

Mat der Afféierung vun der Een-Euro-Gesellschaft setze mer haut als Majoritéit e weidere

Punkt aus eisem Regierungsprogramm ëm. D'Zil ass et, de Wuesstum, d'Schafe vun Aarbechtsplazen an d'Innovatioun mat dëser neier Form vu Gesellschaft ze fërderen. Mir maachen et heimat méi einfach, fir et virun allem Jonken ze erlaben, hir Iddien ze konkretiséieren, andeems mer hinnen et erméiglechen, mat engem vill méi klengen Startkapital wéi bis elo eng Gesellschaft ze grënnen.

Dës Form vu Gesellschaft ass net fir all Aktivitéit gutt, mä nëmme fir déi kommerziell Aktivitéiten, déi wéineg Kapital erfuerderen, zum Beispill, an typescherweis, am Beräich vum Design, der Grafik, den Internetservicer, wou et eigentlech - fir et ze schematiséieren - duergeet, dass e Jonke sech mat sengem Laptop iergendwou hisetzt an ufängt mat schaffen, natierlech wann en déi néideg Kreativitéit dofir huet.

Mir hunn eis natierlech beim Ausschaffe vun dësem Text un auslännesche Beispiller inspiréiert. Dës vereinfacht Gesellschaft gëtt et schonns säit enger Rei Joren an eisen Nopeschlänner. A Frankräich ass et den Entrepreneur individuel à responsabilité limitée, an Däitschland ass et déi sougenannt „Mini-GmbH“ an an der Belsch gëtt et och eng Variante vun enger vereinfachter Sàrl, „Starter“ heescht se do.

Genau wéi eis Nopeschlänner hu mir eis bei der Een-Euro-Gesellschaft och fir eng Variant vun der Sàrl entscheet. Dat huet den Avantage, dass mer net allze vill an eisem Gesellschaftsrecht änneren mussen an dass mer kënnen zrëckgräifen op eng Gesellschaftsform, déi och haut scho vill vu PMEen gebraucht gëtt an déi hir Preuvë gemaach huet.

Deemno gëlle fir déi nei Een-Euro-Gesellschaften all d'Regelen, déi och fir déi normal Sàrle gëllen, et sief dann, d'Gesetz gesäit Ausname vir. Mir hunn eis fir dëst Gesetz virun allem un de Beispiller vun Däitschland - wou d'Unternehmergesellschaft e grouss Succès ass - an der Belsch inspiréiert.

Wat sinn d'Charakteristike vun dëser Een-Euro-Gesellschaft? Abee, virun allem soll et fir d'Konstitutioun vun enger Sàrl simplifiée méi schnell goen. Mir vereinfachen also d'Prozedur, andeems mer et den Interesséierten erlaben, d'Gesellschaft och „sous seing privé“ ze grënnen an net onbedéngt méi, wéi bei enger normaler Sàrl, misse bei en Notaire ze goen.

Deemno wéi komplizéiert den Objet vun der Gesellschaft ass, ass et natierlech ëmmer nach unzeroden, op eng juristesche Expertise zrëckze-gräifen. Fir déi méi einfach Aktivitéite wäert et deemnächst Modeller vu Statute ginn, déi d'Chambres professionnelles de Leit zur Verfügung stellen.

Eng Viraussetzung ass awer, dass déi Concerneiert am Virfeld vun der Kreatioun vun enger Een-Euro-Gesellschaft eng Autorisation d'établissement kréien. Dat ass eng zousätzlech Garantie fir de Seriö vum deene Leit, déi esou eng Gesellschaft grënnen. Dat ass awer och de Grond, firwat dëst Gesetz eréischt ab dem 16. Januar 2017 wäert a Kraaft treden, well et eben déi Bréck tëschent dem Ministère de l'Économie an dem Registre de Commerce, dee muss gesot kréien, dass déi Autorisation d'établissement scho besteet, haut nach net gëtt. De CTIE muss dat eréischt opriichten.

Mir fërderen heimat also virun allem d'Schafe vun neie Gesellschaften a verschiddene Secteuren vun der reeller Économie. Et ass also wichteg ze soen, dass mer hei net am Finanzsektor sinn.

Wéi den Numm et verréit, läit déi aner grouss Innovatioun doranner, dass et duergeet mat engem Kapital vun 1 Euro, fir d'Sàrl-S ze grënnen. Dir wësst, dass fir eng normal Sàrl een 12.000 - elo säit der Reform vu virun e puer Minutten -, 12.000 Euro brauch. Virdru waren et 12.300 an eppes. Dat ass wuelverstanen e Minimum! De Betreffene kann och méi wéi just 1 Euro Kapital a seng Gesellschaft investéieren, allerdéngs awer net méi wéi 12.000 Euro, well soss muss en eng normal Sàrl grënnen.

Fir ze ënnersträichen, dass et sech bei dëser neier Gesellschaftsform virun allem ëm en Instrument handelt, fir eng Aktivitéit an d'Liewen ze rufen, muss d'Sàrl-S all Joer e gewëssenen Deel vun hirem Benefiss an eng speziell Reserv ginn, an dat, bis dass d'Kapital vun 12.000 Euro erreicht ass. An dann ass et un de Grënner ze decidéieren, ob se d'Gesellschaft an eng normal Sàrl transforméieren oder net.

D'Iddi ass hei also schonn, dass et soll eng Aide au démarrage sinn an dass dann no där Phase de démarrage deen Entrepreneur, wann et dann e Succès ass, sech an eng herkömmlech Form vu Gesellschaft transforméiert.





Mir hunn op alle Fall d'Décisioun geholl, an deem Projett de loi keng Limitatioun an der Zäit virzegesinn, wéini eng Sàrl-S e gewëssenen Niveau u Kapital erreeche muss. Allerdéngs soll déi Gesellschaftsform schoonn, wéi gesot, als en Transitionsinstrument verstane ginn. Et ass awer esou, dass een déi Reserv och kéint méi héich wéi 12.000 Euro opstocken, ouni sech missen ze transforméieren. Et kann een also wäit méi wéi 12.000 Euro an déi Reserv do stiechen.

Här President, eng kloer Limitatioun gesäit de Gesetzesprojet awer bei de Grënner vun der Sàrl-S vir. Nëmme physisch Persounen däerfen Associé vun enger Een-Euro-Gesellschaft ginn. Kierperschafte sinn ausgeschloss. Domat sollen Abuse verhënnert ginn, wouduerch Gesellschaften sech kéinten hanner enger Villzuel vun Een-Euro-Gesellschaften verstoppen.

Am nämlechte Sënn kann déiselwecht Persoun och just Associé an enger Een-Euro-Gesellschaft sinn. Wann eng Persoun a méi Een-Euro-Gesellschaften Associé ass, dann dréit se solidaresch d'Responsabilitéit fir d'Obligatiounen vun all deenen aneren Een-Euro-Gesellschaften, an deene si nach Associé ass. Physisch Persounen, déi Associé an enger Een-Euro-Gesellschaft sinn, kënnen awer och Associé sinn an anere Gesellschaften, déi ënnert den normale Forme virgesi sinn. Dës Limitatioun gëllt also nëmme fir d'Sàrl-S.

Et gëtt eng eenzeg Ausnam, nämlech am Fall, wou eng Persoun Parten ierft vun enger Een-Euro-Gesellschaft an och schoonn Associé vun enger anerer Een-Euro-Gesellschaft ass: Da ka si béid Associésfunktiounen kumuléieren.

Här President, dat sinn am Résumé d'Spezifisitéiten vun der neier Gesellschaftsform, oder vun der Variant vun enger besteeënder Gesellschaftsform, déi mer haut hei aféieren.

D'Avise vun de Chambres professionnelles zu deemem Text waren zum Deel och kritesch. Zum enge gouf d'Fro gestallt, ob den Text wäit genuch geet. D'Chambre des Métiers fäert zum Beispill, dass déi nei Gesellschaftsform nach ze schwéierfällg ass. Dozou muss een awer soen, dass et hei dréms geet, de richtegen Équiliber ze fannen tëschent op där enger Säit der Méiglechkeet ze innovéieren an op där anerer Säit, awer och d'Sécherheet vun Drëttpersonen ze garantéieren.

Mir hu kloer gesot, dass dës Form vu Gesellschaft fir jonk Entrepreneuren adaptéiert ass, déi weéng Kapital brauchen, fir hir Entrepreneuren ze starten. Si ass net géeege fir eng Entreprise, déi deier Infrastrukturen oder Material brauch. Et ass kloer, dass eng Bank an deem Fall och weider Garantie fir eventuell Kreditter fuerdert, soudass déi manner héich Kapitaluspréich dann net wierklech vun Notze sinn.

D'Chambre des Salariés huet de Risiko vum Recours op sougenannten „faux indépendants“ monéiert. Deemno géif een, amplaz Salariéen anzestellen, fir d'Aarbecht ze maachen, d'Leit dozou forcéieren, sech ënnert der Form vun enger Een-Euro-Gesellschaft ze konstituieren an déi dann ustellen. Iwwert dee Wee kéint een da souwuel d'Aarbechtslegislatioun wéi och d'Sécurité-sociales-Legislatioun contournéieren.

Et ass an deem Kontext wichteg, dass d'Inspection du travail et des mines punktuell Kontrolle mécht - punktuell, awer regelméisseg Kontrolle mécht -, fir sécherzestellen, dass do keng Abusen entstinn, an dass se och kuckt, dass sech hannert den Sàrl-S keng ganz gewéinlech Employée verstoppen.

Voilà, ech mengen, dat wär dat, wat ee kéint zu deemem Projett de loi soen. Wou, mengen ech, awer wierklech Hoffnungen bestinn, och am Kader vum Programm vun der Regierung, fir Lëtzebuerg ze enger Start-up-Natioun ze maachen, wou mer effektiv jonken Entrepreneuren gären hëllefen, schnell an d'Gäng ze kommen, ass dat heiten e wichtegt Instrument an déi Richtung.

Aus deene Grënn mengen ech - an och aus der Siicht vun der LSAP-Fraktioun -, dass dat heiten e gudder Projett ass. An ech géif dann och domadder den Accord gi vun der LSAP-Fraktioun an lech Merci soe fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. An d'Wuert huet elo den Här Léon Gloden.

#### Discussion générale

► **M. Léon Gloden (CSV).** - Merci, Här President. Merci un de Rapporteur. Et geet hei ëm en Typ vu Sociétéit, déi soll d'Entrepreneuriat fërderen a soumat och der Wirtschaft en „boost“ ginn.

Déi meescht Parteien heibannen haten an hirem Wahlprogramm eppes iwwert d'Sàrl simplifié drastoen. Am CSV-Wahlprogramm stoung dran: „Wir werden eine genaue Analyse der Sàrl simplifiée durchführen.“ Et ass och kee Geheimnis, dass d'Chambre de Commerce ënner hirem deemolege Generaldirekter, dem Pierre Gramegna, ëmmer drop gedréckt huet, fir eng Sàrl à 1 euro an engem Gesetzestext ze verankeren.

Den aktuelle Projett de loi inspiréiert sech haaptsächlech um belschen Text an awer och um däitschen Text. An der Belsch ass dës Sàrl 2010 agefouert ginn. Opgrond vun deem net grouesse Succès hu se 2014 den Text substanzuell ofgeännert, Modifikatiounen, déi mir och zum Deel an eisem Projett de loi iwwerholl hunn.

De Rapporteur ass op déi eenzel Dispositionen agaangen. Ech wëll dat elo net hei nach eng Kéier rappéléieren, ech weisen awer op eng Rei berechtigt Suergen a Kritikke vun deene verschiddenen Institutionen an Organismen hin.

E belschen Artikel betreffend d'Analys iwwert d'Sàrl à 1 euro vun den Hären Edouard-Jean Navez a Michel Coipel ass intituléiert: «La société privée à responsabilité limitée starter: initiative salulaire ou miroir aux alouettes?» Am „Lëtzeburger Land“ war eng Kéier en Artikel vum Michèle Sinner iwwert dës nei Form vu Gesellschaft intituléiert: „Geisterbeschwörung mit Laptop“.

De Virdeel ass, dass een dës Gesellschaft mat 1 Euro ka grënnen. D'Grondiddi vum Gesellschaftsrecht ass jo, dass een de Patrimoine privé vu sengem Patrimoine professionnel kann trennen. Wann d'Gesellschaft eng Kéier net méi esou gutt dosteet, jo, wa se souguer muss an d'Faillite goen, dann ass de Virdeel, dass den Associé net mat sengem Privatverméigen haft.

Geet also elo en Entrepreneur, deen eng Gesellschaft mat 1 Euro gegrënnt huet, bei eng Bank, fir e Prêt zum Beispill ze kréien, huet e jo kee Kapital an der Gesellschaft, wat hien en Garantie kéint ginn. Hei wäert et also héchstwahrscheinlech dorobber erauslafen, dass d'Banken als Garantie och Kautioun mindestens en Deel vum Privatverméigen verlaangen.

Domadder wär dann d'Ratio legis vun all Gesellschaft verluer, well d'Grenz tëschent Patrimoine privé a Patrimoine professionnel net méi ginn ass. An der Belsch hu se genau dës Erfahrung gemaach.

D'Ennerkapitaliséierung kann och e Risikofacteur sinn, deemno wat fir e Business ee wëllt maachen. Ech erënnere drun, dass hei de Champ d'application sech op d'Gesellschaft bezitt, déi eng Autorisation de faire le commerce brauchen. Dat geet also theoretesch vun dem Start-upper iwwert de Bäcker bis bei den Entrepreneur.

De Statsort deelt dës Bedenken. D'Sàrl à 1 euro kann duerch Ausfülle vun engem Formulaire gegrënnt ginn. Et brauch een also keen Notairesakt. De Virdeel wier, gëtt gesot, et géif also méi séier goen. Eh ben, och haut kann een, wann een d'Dokumenter all zesummen huet, eng Gesellschaft an engem Dag grënne. An d'Gesellschaft ass no der Ennerschrëft beim Notaire direkt operationell.

D'Sàrl mat 1 Euro kann effektiv mat manner Käschte gegrënnt ginn, well keng Notaireskäschten ufalen an och d'Immatriculatioun manner deier ass, soudatt ee grosso modo ka soen, dass ee fir eng normal Sàrl tëschent 12.800 an 13.500 Euro muss rechnen, wougeint een eng Sàrl simplifiée mat ronn 190 Euro ka grënne.

An engem Dag eng Gesellschaft mat 1 Euro grënne, klénkt cool a sexy. Et muss een awer wëssen, dass een, wann ee sech an esou eng Aventure wëllt lancéieren, e gudder Businessplang muss hunn, sozial Verantwortung muss bereet sinn ze droen a sech op d'hënnesch Been ze setzen, fir säi Business ze développéieren.

D'Berodung säitens vu Professionellen ass also net onwichtig, zemoos wann ee Start-upper ass a sech fir d'éischte Kéier an e Business lancéiert.

Ech erënnere drun: D'Zuel vun de Failliten ass dës Joer an d'Luucht gaangen. Duerch den Dram vun enger Een-Euro-Gesellschaft lancéiere sech vläicht eng Rei Leit blauäueg an d'Entrepreneuriat an da kann den Dram schnell zum Albdram ginn!

D'Chambre des Salariés souwuel wéi d'Gewerkschaften hunn och hir Bedenke geäussert, well se fäerten, dass d'Salariéë géifen opgefuerdert gi vun de Patronen, eng Sàrl simplifiée ze grënne, soudatt se net ënnert dem Statut vum Salariat engagéiert ginn, mä als Indépendant.

Et ass ze hoffen a mir wënschen eis et alleguer, dass dës nei Projett de loi sengem Zil gerecht gëtt.

Opgrond vun all dëse Remarques déposéieren ech eng Motioun, déi vum Simone Beissel, Franz Fayot, Viviane Loschetter a mir selwer ënnerschriwwen ginn ass, an där mer d'Regierung opfuerderen, an dräi Joer e Bilan virzeleeën iwwert d'Applikatioun vun deemem neie Gesetz.

#### Motion

*La Chambre des Députés,*

*considérant d'une part, que*

*- le projet de loi n°6777 a pour objectif de faciliter l'accès, notamment pour les jeunes, à l'entrepreneuriat via la création d'un nouveau type de société, la société à responsabilité limitée simplifiée (Sàrl-S);*

*- le régime juridique de la Sàrl-S allège sur plusieurs points le régime applicable à la société à responsabilité «ordinaire», notamment en ce qui concerne les exigences en matière de capital social et les formalités de constitution;*

*- ce régime juridique vise à permettre à la Sàrl-S de devenir l'outil favori d'entrepreneurs souhaitant démarrer leur activité;*

*considérant d'autre part, que*

*- dans leurs avis respectifs, la Chambre des Notaires et la Chambre des Salariés ont exprimé la crainte que la nouvelle structure puisse être malmenée et aboutir à la promotion d'une indépendance fictive qui pourrait priver d'anciens salariés devenus «entrepreneurs» de la protection qu'offre le droit du travail et partant créer un nouveau type de dumping social;*

*- dans les avis précités il est aussi mis en exergue, qu'au vu du fait qu'une Sàrl-S peut être fondée avec 1 euro, les établissements financiers requièrent des garanties supplémentaires de la part du fondateur d'une Sàrl-S, à savoir la mise en gage d'une partie du patrimoine privé;*

*notant par ailleurs que le nombre de faillites a augmenté au cours du premier semestre 2016 par rapport à la même période de 2015 et que la société à responsabilité limitée «ordinaire» est la forme juridique la plus touchée par les faillites avec 66,23% du total des déconfitures;*

*qu'il ne peut être exclu que l'allègement des modalités de constitution des Sàrl-S, au vu des considérations précitées, pourrait aboutir à une hausse des faillites;*

*invite le Gouvernement*

*à présenter à la Chambre des Députés un bilan trois ans après l'adoption de la présente loi en projet relevant:*

*- le nombre de constitutions de Sàrl-S;*

*- les difficultés rencontrées par ces Sàrl-S pour démarrer leurs activités;*

*- le nombre de Sàrl-S ayant décidé une augmentation de capital depuis leur constitution;*

*- le nombre de Sàrl-S déclarées en faillite, voire mises en liquidation depuis l'entrée en vigueur de la loi.*

(s.) Léon Gloden, Simone Beissel, Franz Fayot, Viviane Loschetter.

Här President, zum Schluss ginn ech lech nach den Accord vun der Fraktioun.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Gloden. An d'Wuert huet elo direkt d'Madamm Josée Lorsché.

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng).** - Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, mat deem Projett de loi kritt déi klassesch Société à responsabilité limitée eng kleng Schwëster mam Numm Sàrl simplifiée.

De Rapporteur Franz Fayot huet et scho gutt erkläert: D'Grondiddi vun deemem Gesetzesprojet ass, kuerz gesot, d'Grënnung vun enger Entreprise mat just 1 Euro Startkapital ze erméiglechen an d'Prozedur bei der Grënnung ze vereinfachen.

Quitte dass eng Rei Niewekäschten an der Héicht vun eppes iwwer 100 Euro mat där Grënnung verbonne sinn, läit d'Investitioun awer wäit ënnert deenen 12.000 a méi Euro, déi fir d'Kreatioun vun enger traditioneller Sàrl gebraucht ginn.

Domat geet Lëtzebuerg op deeselwechte Wee wéi eis dräi Nopeschlänner, och dat ass scho gesot ginn. Déi sinn 2010 an 2011 op dee Wee gaangen, Frankräich mam Entrepreneur individuel à responsabilité limitée, d'Belsch mat der Société privée à responsabilité limitée an Däitschland mat der Mini-GmbH oder Ein-Euro-GmbH, op déi ech kuerz wëlt agoen.

Ausschlaggebend fir déi däitsch Reform war d'Tatsaach, dass déi klassesch Gesellschaft mat beschränkter Haftung, wéi se an Däitschland genannt ginn, der grousser Konkurrenz vun iwwer 4.000 brittesche Limited-Gesellschaften ausgesat waren. Dës Gesellschaften hunn déi däitsch Gesellschaften souzeseen ënnerwandert an hunn och eng ganz Rei juristesche Onkloerheete geschafen, mam Resultat, dass Däitsch-

land säin eegene Modell mam Numm Mini-GmbH geschafen huet.

Jiddwerfalls war d'Beléiftheet awer bewisen, d'Beléiftheet vu manner kapitalintensive Firmen. De Boom an Däitschland war onverkennbar.

Als Gréng gi mir dovun aus, dass d'Sàrl simplifiée als Lëtzeburger Variant zu eiser klassischer Sàrl op gradesou vill Interessi an eisem Land wäert stousse wéi an Däitschland.

An Däitschland hunn déi Gréng déi entsprechend Reform 2010 ënnerstëtzt. An och zu Lëtzebuerg steet déi gréng Fraktioun voll a ganz hannert deemem Projett de loi, net well eist Land vu brittesche Limited-Gesellschaften iwwerschwemmt gëtt an dowéinst en nationale Géigemodell muss opstellen, mä mir ënnerstëtzen dës Projett de loi, well mer wierklech iwwerzeegt sinn, dass d'Sàrl simplifiée déi Lëtzeburger Wirtschaft wäert believeen, dass se de Wee an d'Selbstständigkeit wäert fërderen an dass dës vereinfacht Méiglechkeet, eng Entreprise ze grënne, wäert verhënnere, dass vill kreativ an engagéiert Biergerinnen a Bierger sech am Ausland wäerten nidderloossen, wou et dës Form vu Gesellschaft scho souwisou gëtt.

► **Mme Viviane Loschetter (déi gréng).** - Très bien!

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng).** - Mir sinn nämlech der Meinung, dass eng Sàrl simplifiée dat ideaalt Sprangbriet ass, fir déi wirtschaftlech Onofhängegkeet och zu Lëtzebuerg ze erreeche bei jonke Leit.

Ganz oft steet dat héicht Basiskapital och a kenger Relatioun mat den niddregen Zommen, déi fir de Fonctionnement vun der Entreprise gebraucht ginn. Wann eng Persoun zum Beispill fir de Fonctionnement vun enger Firma just e Computer brauch, da sinn déi 12.000 Euro a méi, déi dës Persoun fir d'Grënnung vun der Firma brauch, proportional gesi vill ze héich. D'Konsequenz ass natierlech déi, dass déi Persoun op d'Grënnung vun der Firma verzicht. Mat deemem Projett de loi soll dee Problem geléist ginn, well en d'Startkapital, wéi gesot, op e Minimum reduzéiert an donieft och d'Prozedur vereinfacht.

Donieft ass et mir awer och wichteg ze betounen, Dir Dammen an Dir Hären, dass d'Sàrl simplifiée net als Finalitéit en tant que tel soll ugesi ginn. Do stí mir voll derhannert. En Een-Euro-Gesellschafter soll wa méiglech den Défi ugoen, fir sech weiderzuentwéckelen. E soll versichen, genuch Eegekital unzesammelen, fir dass en am Laf vun der Zäit de Statut vun der klassischer Sàrl kann erreechen. Op déi Manéier kritt en d'Chance, sech definitiv um Lëtzeburger Marché ze implantéieren an ze behapten. Natierlech muss e se och gescheit notzen.

An deem Sënn ass d'Sàrl simplifiée also kee Bequeemlechkeetspflaster fir liddreg Leit, déi net vill kënnen investéieren oder net vill wëlle schaffen, mä eischter en Trampolin, deen enger motivierter Persoun d'Méiglechkeet gëtt, fir hirt Potenzial an hir Talenter och ouni héicht Startkapital voll zur Geltung ze bréngen.

Op dës Manéier baut déi Persoun sech net nëmme hir eegen Zukunft op, si kann och selwer zum Employeur ginn an Aarbechtsplazen zu Lëtzebuerg schafen, déi dem Lëtzeburger Aarbechtsmaart zeguttkommen. Schoonn eleng dës Argumenter rechtfertegen an eisen Aen dës Projett de loi.

Doriwwer eraus si mir awer och iwwerzeegt, dass dës Modell sech ganz besonnesch an eisem klenger Lëtzebuerg eegent, net nëmme, well mir e Land mat kuerze Weeër a gudder gesellschaftlechen a sozialen Netzer sinn. Lëtzebuerg strieft och scho säit Laangem e Wirtschaftsmodell un, deen op Innovation, op Kreativitéit, op Initiativgeescht setzt, e Modell, dee mat konkrete Projete muss ënnerstëtzt a gefërdert ginn. Dat hei ass ee vun aneren.

Ech denken hei un all déi Secteuren, déi net op riseg Investissementer ugewise sinn, mä ganz eleng op kreativ Geeschter a couragéiert Leit. Zu deene Secteuren gehéieren, wéi scho gesot, den Internetsektor, mä och déi lokal Produktioun, déi ëmmer méi Unhänger fënnt: den Design, den Numérique, d'Medien, d'Konscht an d'Kreatioun am Allgemengen, wou ganz innovativ a beléift Projete méiglech sinn, wa se richtig ugepaakt ginn. Dat bescht Beispill ass am Süden unzetreffen: Et ass de Projett 1535°C mat der Kreativfabrik an dräi alen Arcelors-Halen zu Déifferdeng, en Atelier, deen der Kreatioun op ville Pläng gewidmet ass a ganz vill Succès kennt.

► **M. Roberto Traversini (déi gréng).** - Très bien!

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng).** - Här President, fir eis ass et duerfir net vun ongeféier, dass d'Chambre de Commerce sech ganz positiv vis-à-vis vun dëser Reform geäussert huet. An et ass och net vun ongeféier, dass d'Madamm Linda Bos, onofhängeg Designerin a





Matgrënnerin vun der beléiffter Initiativ „Lët'z go local“ mat mëttlerweil 120 Memberen an dëser Reform e grouse Fortschrëtt gesäit; dëst natierlech stellvertredend fir vill aner kreativ a couragéiert Biergerinnen a Bierger, déi mir ganz sécher zu Lëtzebuerg hunn, mä déi een net gesäit.

Här President, natierlech gëtt et kee Geschäftsmodell, deen nëmme Sonnesäiten huet. Grad wéi hanner anere Forme vu Gesellschaften verstoppe sech och hei eng Rei Schietsäiten, déi net däerfen ignoréiert ginn. An dat ass och net geschitt. D'Chambre des Salariés weist beispillsweis op de Problem vun den „faux indépendants“ oder der Schäinindépendance hin als eng vun de gréisste Geforen, déi vun dësem Projet de loi ausgeet. Déi Gefor entsteet notamment, wéi och schonn erkläert ginn ass, wann eng Firma amplaz Personal direkt anstellen, potenziell Employéen dermat beoptragt, eng Sàrl simplifiéi ze grënnen an dann iwwert dee Wee mat hinnen zesummeschafft.

Déi Leit, och wa se sech Entrepreneur däerfen nennen, sinn dee Moment net nëmmen ofhängeg vun den Décisiounen vum grouse Brudder, si risikéieren och Affär ze gi vun der finanzieller Ausbeutung a vum Netrespekt vum Aarbechtsrecht. Et ass fir eis onëmstridden, datt d'Salariatskummer hei e ganz wichtege a pertinente Punkt opgeworf huet. Et ass dee Punkt, deen och an Däitschland fir vill Gespréichsstoff gesuergt huet. D'Unternehmergesellschaften, ofgekierzt UG, wéi se an Däitschland genannt ginn, sinn dowéinst vu verschiddene Journaliste mat Titele wéi „Unter Gaunern“, „Unter Geiern“ oder „Unsaubere Geschäfte“ verspott ginn.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, deem muss een dann awer entgéinthalen, datt de Problem vun der Schäinindépendance net speziell duerch dëse Projet de loi geschafen oder verschäerft gëtt. Dëse Problem besteet souwiso a ville Secteuren an e muss mat alle Mëttele bekämpft ginn; beispillsweis och am Transport- an Taxiwiesen, mä och an anere soi-disant on-offhängege Beräicher, wou d'Akteuren eigentlich just a Réseau fonctionnéieren, ouni datt se bekannt sinn.

Eng aner Kritik, déi och op Lëtzebuerg zoutrëffe kann, koom vun däitsche Juristen an Notairen. Si hu bemängelt, datt den extrem niddrege Kapitalasaz vu just 1 Euro op kee Fall kann duergoen, fir eng Entrepreneursaktivitéit sënnavoll an dauerhaft auszeüben. „Ennerkaptaliséierung“ ass dat Wuert, wat och den Här Gloden gebraucht huet. Och dat ass net falsch. Derbäi kënnt, datt eng gutt duerchduechte Planung e Businessplang viraussetzt, eng seriö Kontabilitéit, eng juristesche Berodung, déi een a munche Fäll och néideg huet, an eng gutt Kommunikatioun. Alles dat si Facteuren, déi zousätzlech Käschte verursachen a vun Ufank u müssen a Betrecht gezu ginn, wann d'Entreprise wierklech dauerhaft wëllt iwwerliewen.

Eng weider Fro an deem Kontext ass déi, awéiwäit eng Bank iwwerhaapt bereet ass, engem Chef vun esou enger Entreprise eng Kreditkaart am Numm vun der Firma zur Verfügung ze stellen, well en einfach net op eng finanziell Garantie kann zréckgräifen. Och déi Suerg ass berechtigt, si soll awer net de Grond ginn, fir Schwaarzmolerei ze bedreiwen oder fir d'Banken aus der Verantwortung ze loossen. Grad hei kënnen d'Banken näamlech hir Responsabilité sociale ënner Beweis stellen an eng konstruktiv Partnerschaft mat deene Sociétés opbauen, wou ee jo och muss wëssen, datt d'Autorisation d'établissement scho vu vireran eng gewësse Garantie duerstellt.

Eis gréisst Suerg ass a bleift ënnert dem Stréch déi, datt dëst Gesetz net däerf ausgenotzt ginn, fir d'Aarbechtsrecht ze violéieren a Gaunerbetreiber zouzeloosse wéi déi, déi ech virdru beschriwwen hunn. Dëse Risiko ass an der Chamberskommission beschwat ginn an en ass och mam Aarbechtsminister Nicolas Schmit diskutiert ginn. An deem Kontext, an dat ass begrëssenswäert, huet de Minister drop higewisen, datt Kontrolle vun der ITM wäerte stattfinden, wat natierlech bedeit, datt d'ITM och deementspreechend muss opgestallt ginn. En Défi, deen net nëmmen dëst Gesetz betrëfft, mä d'ITM am Allgemengen, wou nach e gewëssenen Nohuelbedarf besteet.

Ofschléissend, Dir Dammen an Dir Hären, wëilt ech nach eemol betounen a mech freeën, datt dem Justizminister Félix Braz mat dësem Projet de loi e wichtege Schratt gelongen ass, e Schratt an eng lieweg Wirtschaft, eng lieweg Lokalwirtschaft. Eng lieweg Wirtschaft brauch näamlech net nëmme Courage, Kreativitéit an d'Eegeninitiativ vu ville Leit, eng lieweg Wirtschaft brauch virun allem och Gesetzer wéi dat heiten, déi de richtige Kader setzen, fir datt jonk Mënschen hiert eegent Schicksal ouni groussen Opwand an ouni grouss Dépense selwer an d'Hand kënnen huelen.

An deem Sënn ass dës Reform eng Moosnam, déi jonken Talenter Diere wäert opmaachen.

An et ass eng Moosnam fir den Emploi zu Lëtzebuerg, fir eis lokal Economie mat alle Virdeel a Stärkten, déi mer scho kennen.

Domat ginn ech den Accord vun der grénge Fraktioun a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. An d'Wuert huet elo d'Madamm Simone Beissel als nächst Riednerin.

► **Mme Simone Beissel (DP).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, wéi gewinnt och virop mäi Merci un de Rapporteur Franz Fayot fir säi gudde schrëftlechen a mëndleche Rapport.

D'Sàrl simplifiéi ass säit Laangem vu ganz ville Säite gefuerdert ginn, an elo kënnt se endlech. Virun allem jonk Entrepreneuren a Start-uppe waarden drop, fir d'Méiglechkeet ze kréien, fir eben ouni e grouss Eegekital hir Geschäftsiddien ëmzesetzen an hiren Dram vun der Eegestännegkeet ze realiséieren.

D'Opbréngung vun engem Ufankskapital vun ongeféier an der Héicht vun 12.000 an esou vill Euro war an ass nach ëmmer eng Hürd fir ganz vill jonk Entrepreneuren. Effektiv, wann ee Jonke vun der Universitéit heemkënn an en huet net d'Chance, fir Elteren ze hunn, déi finanzkräfteg sinn, oder soss iergendeen, deen him op d'Been hëllef, da kënnen 12.000 Euro och 2016 nach trozdeem eng Zomm sinn, déi an enger Héicht ass, déi de Jonken net pakt. An et ass u sech da schued, wann dee ganzen Entrepreneursgeescht, dee mer jo solle fërderen, dann net ka realiséiert ginn, trotz Courage, Kompetenz, Motivatioun, gudden Iddien, a sech dann décidéiert gëtt, fir net am Privatsektor ze bleiwen an iergendwéi e Salariatsverhältnis anzegoen. An dann ass dee ganzen Dram vun der Eegestännegkeet kaputt. Dofir ass et wichteg, dass mer dat haut hei maachen.

Et sinn e ganze Koup Jonker, déi hunn Iddien, déi fir den Ufank kee groussen Invest brauchen. An dofir ass déi Sàrl simplifiéi wierklech wëllkomm. Ech denken, an et ass scho bei menge Virriedner hei ugeklongen, notamment u Secteure wéi IT, Softwareprogramméierung, Berodung an esou weider, wou een net direkt e grouss Kapital brauch.

Ganz sécher, an do si mer eis all eens, wann ee gläich ufänke wëllt, eng Produktiounsfirma op d'Been ze setzen, wat jo ganz vill an der Form vun der Sàrl gemaach gëtt, da geet et mat 1 Euro natierlech net duer, well et ass keng Bank, déi lech dee Moment wierklech dat Geld léint, wat Der braucht, fir eng Produktiounsfirma op d'Been ze setzen.

Mir hunn also elo bei der Sàrl wierklech e Paradigmewissel hei, well niewent der Sàrl unipersonnelle kënnt elo eng nei weider Ouverture mat där Sàrl, déi ee ka kréie mat 1 Euro a wou trotzdem elo e ganze Koup Jonker kënnen vum den Avantage vun der Sàrl profitéieren. Well, wéi gesot, zwee Drëttel vun eise Lëtzeburger Firmaen, well mer jo e relativ grouse Sektor vu PMEen hunn, fonctionnéieren ënnert dem System vun der Sàrl.

Firwat? Well eben, den Numm seet et, do Responsabilité limitée ass, eng bestëmmte Sécherheet fir deen, dee wëllt eng Firma kréieren, ouni dass säin Eegekital an dat vun der Famill muss direkt an den Asaz goen. Da kann d'Famill geschützt ginn. Et ass awer net esou e grouss Kapital, dass direkt muss mat Aktionäre geschafft ginn, wat jo eng ganz aner Nues huet an e ganz anere Genre Butten huet wéi elo eng Sàrl.

Andeems mer et an Zukunft dann elo mat dësem Konstrukt erméiglechen, dass ee Sécherheet kritt, och mat 1 Euro, brénge mer et also fäerdeg, jonke Leit, Start-uppen hir Dreem kënnen an d'Wierklechkeet ëmzesetzen. Eng Ofsecherung gëtt et jo: Et muss een een Deel vun de Benefissen direkt a Reserven tasselen. Et ass och wichteg, dass d'Leit gewinnt ginn ze spueren. Well normalerweis och, beim Benefiss gëtt jo normalerweis een Deel gehalen an een Deel gëtt ausgeschott. Hei ginn d'Saachen an d'Reserve gemaach.

Bon, an da muss een ebe kucken - de Franz Fayot huet dat ganz kloer ëmrass, wat mer fir Diskussiounen haten -, wat geschitt, wann een da bei déi berüümt 12.000 Euro kënnt, fir ze wëssen: Wat maache mer dann elo? Gi mer an eng Sàrl? Mä ech mengen, wa mer op deem Niveau sinn, dann hunn alleguerten déi Jonk scho gutt geschafft. An da kréie se och déi néideg Berodung, fir dann déi richteg Décisiounen ze huelen.

Ech ginn net weider an d'Detailer an. Meng Virriedner hunn dat scho ganz gutt hei ënnerstrach. Ech wëll awer nach Folgendes soen: Lëtzebuerg muss hei matmaachen. Mir kënnen eis et net erlaben, Jonker a manner Jonker, déi gutt Iddien hunn - well mer jo andauernd den Entrepreneursgeescht wëlle fërderen -, eleng ze

loossen, just well se eben net dat néidegt Startkapital hunn, fir hir Iddien ëmzesetzen a sech eben an d'Eegestännegkeet ze evolüieren, e Projet de vie ze realiséieren, en Dram. An ech mengen, dat ass fir all Jonken en Incentive, an dat solle mer ënnerstëtzen.

All Aarbechtsplaz, déi duerch de Fait, dass net genuch Kapital do ass, fir eng Firma ze grënnen, verluer geet, ass eng Situatioun, wou mer erëm eng Persoun eventuell net aus der Aarbechtslosegkeet erauskréien. An Dir wësst: All Aarbechtslosegkeet ass e mënschlecht Schicksal, dat mat Momenter schwéier ze verdauen ass. An dofir ass dat hei och eng positiv Kreatioun, fir nei Aarbechtsplazen ze kréieren an dee Moment och an deem Secteur Remedur ze schafen.

Mir erfannen d'Rad hei net nei. Am Ausland gëtt de Konstrukt vun der Sàrl simplifiéi, och wa se heiansdo anescht heescht, scho länger gebraucht. D'Amerikaner an d'Chineese brauche se massiv, notamment wa se Transfere maachen, Investe an anere Länner, wou se net wëlle grouss investéieren, ebe just well se nëmme wëlle punktuell Aktiounen do maachen. An ech mengen, mir si gutt beroden, dass mer eis elo un déi grouss Well vun Sàrl-simplifiéen, déi net nëmmen duerch Europa geet, mä déi amgaangen ass duerch d'ganz Welt ze schwuppen oder ze schwappen, dass mer eis do hannendrunhänken. An da si mer am gudde Peloton. Well Dir wësst, e gudde Peloton ass ëmmer wichteg, an egal wat fir enger Disziplin.

Mä, ee Souci - et ass schonn ugeklonge bei menge Virriedner, an do kommen ech zu der praktescher Ëmsetzung vun dësem neie Projet de loi -, ee Souci, dee mer hunn, mat all deene Bedenken, déi mer vu riets a léns gehéiert hunn an déi och justifiéiert sinn, dat ass, dass mer d'Fiabilitéit an d'Faisabilitéit vun deem neie Konstrukt kënnen garantéieren.

An dofir - dat ass och vu menge Virriedner schonn ënnerstrach ginn, an ech ënnersträichen dat och ganz formell - hätte mer gär a mir froen dat jo och, dass regelméisseg, a mir proposéieren elo eng Zäitspan vun dräi Joer - well all juristesche Konstrukt, ier en dobause bei de Leit ass an d'Leit sech kënnen organiséieren, muss awer eng Ulafzäit kréien -, dass also a regelméissegem Ofstänn, an elo an enger éischter Period vun dräi Joer, eng ganz seriö Evaluatioun gemaach gëtt: Wéi gräift et? Wat sinn eventuell d'Problemer vun de jonken Entrepreneuren? Wou kënnen mer hëllefen? Wou kënnen mer Remedur schafen, fir dass mer dee flotte juristesche Konstrukt, dee ganz modern a vereinfachte Konstrukt um Liewen halen an de Leit kënnen hëllefen an deem Sektor? An dat ass jo e gudde Label fir eis ganz Ekonomie.

Dofir, opgrond vun deenen Iwwerleeungen, bréngen ech den Accord vun der DP-Fraktioun an ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Deen nächste Riedner ass den Här Roy Reding.

► **M. Roy Reding (ADR).** - Merci, Här President. Léif Kolleegen, d'Simone Beissel huet et elo grad ganz gutt op de Punkt bruecht: Gëtt et Fäll, wou een eng Firma kann opmaachen, wou een net onbedéngt 12.000 Euro Kapital brauch? D'Antwort ass ganz kloer: Jo! Gëtt et awer eng Aktivitéit, wou ee mat 1 Euro Kapital auskënn? Do ass d'Antwort genauso kloer: Neen!

D'Chambre des Métiers huet dat an hirem Avis ganz gutt op de Punkt bruecht, andeem se gesot huet, et wier en „leurre“. Well all Fournisseur kuckt natierlech: Wat ass d'Kapitalisatioun vun där Gesellschaft? An all Bank verlaangt perséinlech Garantien. Et ass also an eisen Aen eng Illusioun, en Etiketteschwindel, wann ee seet, et géif een hei méiglech maachen, datt Mënsche sech eng Existenz opbaue mat engem Kapital vun 1 Euro.

Ech gi méi wäit, ech soen: Et ass e Gimmick! Et gëtt hei virgespigelt, wéi wa Saache géifen einfach ginn, déi net einfach ginn. Jo, et ass wouer, elo hunn ech dann, fir esou eng Sàrl simplifiéi ze grënnen, nëmmen nach Fraise vun 261 Euro. An am Projet de loi gëtt da gesot, eng normal Sàrl hätt Fraise vun 12.800 Euro.

Wat natierlech komplett falsch ass, well dat Kapital vun 12.000 Euro, wat ech muss hunn an enger normaler Sàrl, kann ech jo verwenden. Ech verwenden dat, fir mäi Kontabel ze bezuelen, mäi Conseil juridique, mäin éischte Loyer, meng éischt Pai vu mengem éischte Salarie; dat ass e Mindestloun vu jo dann awer 2.500 Euro mat de Charge-socialen. Ech kann dat Kapital benotzen! Et ass net e Coût, mä dat ass Geld, wat der Gesellschaft zur Verfügung steet a wat fir si ka benotzt ginn.

Da seet de Fränz Fayot: „Mir maachen d'Saachen elo méi schnell.“ Dat wier ganz gutt, wa

mer et kéinte méi schnell maachen, mä et ass net méi schnell! Wisou? Well et gëtt verlaangt, datt dat heiten nëmme kënnen Leit maachen, déi schonn eng Autorisation d'établissement hunn. Dat dauert méi wéi 24 Stonnen.

De Kolleeg Gloden huet et mat Recht gesot: En Notairesakt mécht een haut zu Lëtzebuerg, wann ee preparéiert ass a säi Certificat de blocage huet, bannent 24 Stonnen! Vläch bannent zwee Deeg; ganz bestëmmt bannent enger Woch! Eng Autorisation d'établissement hunn ech ganz bestëmmt net bannent enger Woch. Déi bürokratesch Hürd ass also vill méi schlëmm wéi d'Dauer vum Notairesakt.

An da kënnt dat Schlëmmst: Mir limitéieren dat heiten op Leit, déi eng Autorisation de commerce brauchen. D'Kolleegin Lorsché huet geschwat v' accord, datt mer iwwert d'Héicht vum Kapital schwätzen, mä wa mer wierklech wëlle simplifiéieren, ma da kommt, mir schafen endlech déi onsäglech Autorisation d'établissement of, ausser fir ganz speziell Beruffer natierlech: Handwierker, Architekten, all déi Beruffer, déi speziell reglementéiert sinn, Agence-immobiliären, all déi Firmen, wou kann e Schued entstoe fir de Konsument, Konstruktionsfirmen. Mä fir de Rescht: Kommt, mir schafen déi Autorisation d'établissement of! An da geet d'Grënnung vun enger Firma vill méi schnell. Da fërdere mer den Entrepreneursgeescht an dann hu mer tatsächlech eppes gemaach, notamment och fir d'Start-uppen.

Wa mer wierklech wëlle simplifiéieren... Ech si ganz d' accord, datt mer iwwert d'Héicht vum Kapital schwätzen, mä wa mer wierklech wëlle simplifiéieren, ma da kommt, mir schafen endlech déi onsäglech Autorisation d'établissement of, ausser fir ganz speziell Beruffer natierlech: Handwierker, Architekten, all déi Beruffer, déi speziell reglementéiert sinn, Agence-immobiliären, all déi Firmen, wou kann e Schued entstoe fir de Konsument, Konstruktionsfirmen. Mä fir de Rescht: Kommt, mir schafen déi Autorisation d'établissement of! An da geet d'Grënnung vun enger Firma vill méi schnell. Da fërdere mer den Entrepreneursgeescht an dann hu mer tatsächlech eppes gemaach, notamment och fir d'Start-uppen.

An de Fränz Fayot huet gemengt, grad fir Start-uppe wier dat heiten e fantastesch Instrument. Hei ass dat eenzegt Gesetz, wat mer hei am Land hunn, wou mer d'Héicht vum Capital social no uewe limitéieren. A grad interessant Start-uppe brauche ganz bestëmmt méi wéi 12.000 Euro Kapital.

Et ass also e Leurre, et ass en Etiketteschwindel, et ass e Gimmick vun der Gambia-Regierung! An duerfir wäerte mir als ADR dëst Gesetz net matstëmmen.

Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. An den nächste Riedner ass den Här Marc Baum.

► **M. Marc Baum (déi Lénk).** - Merci, Här President. Et ass eigentlech schonn erstaunlech, datt souguer déi Leit, déi en faveur vun dësem Gesetz sinn, net midd ginn, op d'Geforen an op déi negativ, déi potenziell negativ Auswierkunge vun dësem Gesetz opmierksam ze maachen. Et ass méi wéi eng harmlos Verännerung vum Gesetz iwwert d'Sociétés commerciales. Et ass och méi wéi just eng kleng Schwëster vun der Sàrl. Mir mengen, datt et ganz vill problematesch Konsequenze schéngt ze hunn.

Et stëmmt, datt sech d'Aféierung vun där doter Form vu Sociétés aschreift an en europäesche Kader. Aner Länner wéi Däitschland, Frankräich, d'Belch, Holland hunn och schonn esou oder esou äänlech Entrepreneuren oder eng rechtlich Rumm, déi esou oder esou Entrepreneuren erlaabt.

D'Konsequenz vun dësem Projet bleiwen awer duerfir och en vue ze kucken vun deem, wéi et an den Nopeschlänner ass, an och déi negativ Konsequenzen dovunner. Well eppes ass awer, mengen ech, sécher: datt et drëm geet, Regeln no ënnen ze nivelléieren. Dat ass méi wéi eng administrativ Vereinfachung. Et ass en Nivelllement no ënnen vu verschiddene Kontrollméiglechkeeten, vun der Transparenz, och wat d'Lein an och wat d'sozial Standarden ugeet. Dat soen net nëmme mir, mä dat seet och d'Salariatskummer; et ass schonn e puermol op deen Avis higewise ginn. Dat soen awer och Notairen, déi och zu dësem Projet e ganz kriteschen Avis geschriwwen hunn.

(**Interruption**)

Ech wëll hei besonnesch op dräi Punkten agoen, déi mir an dësem Gesetz kritiséieren:

Éischtens soll d'Sàrl simplifiéi net, esou wéi dat bis elo üblech war, obligatoresch mat engem Acte notarié gegrennt ginn, mä de Grënner





oder soss eng Privatpersoun soll dësen Akt einfach selwer verfaassen an ënnerschreiwen, a gegebenenfalls mat sengen Associéen. Dës minimal Kontrollfunktoun vum Acte notarié, wou et notament och ëm d'Identifikatioun gaangen ass, huet bis haut bei Firmegrënnungen gespillt a war awer och e bescheidene Garde-fou, duerch dee méiglech Abusen oder soss Problemer schonn am Ufank konnten erkannt ginn. Et ass zumindest elo net ausgeschloss, datt mat der Sàrl simplifié per Gesetz potenziell och eng gewëssen Opaciteit do erakënn.

Mir sinn och, zweetens, der Meenung, datt d'Sàrl simplifié, d'Notioun vun der Verantwortung...

► **M. Félix Braz**, *Ministre de la Justice*.- Här President, däréf ech eng Fro stellen? Den Här Baum huet elo an engem Niewesaz quasi gesot, duerch dëst Instrument kéim elo Opaciteit dran eran. Ech géif gären erkläert kréien, wéi hei kann Opaciteit entstoen.

► **M. Marc Baum** (*déi Lénk*).- Einfach doduerjer eleng schonn, datt bei Geldtransfere et elo esou ass - iwwer 10.000 Euro -, datt et eng Kontroll iwwert d'Hierkonft vun dese Gelder gëtt. Bei dëser Gesellschaftsform gëtt et keng Kontroll iwwert d'Hierkonft vun de Gelder! Dat ass awer en Deel vun där Opaciteit, déi zumindest potenziell als Gefor hei besteet.

Zweetens si mer der Meenung, datt mat der Sàrl simplifié d'Notioun vun der Verantwortung vum Entrepreneur wesentlech ofgeschwächt gëtt. Doduerch, datt eng Persoun oder Persounen, déi eng Gesellschaft wëlle grënnen, e gewëssent Minimalkapital zesummekréie mussen, wéi dat bis elo de Fall war, ier se kënnen eng Entreprise grënnen, war awer och do e Garde-fou, fir kënnen dovunner auszegoen, datt dee Projet duerchduecht an eng Zäit geräift ass an datt et eng reell Volontéit ginn ass, fir op de Wee vun där Firmegrënnung ze goen, an datt den Entrepreneur och verantwortlech mat senger Entreprise ëmgeet, och besonnesch doduerch, datt e selwer e gewëssene Risiko aganga ass.

Doduerch, datt et elo scho mam symboleschen Euro Startkapital méiglech ass, eng Sociéitéit ze grënnen, stéisst dat d'Dier an eisen Aen op fir eng Rei vu weínege durchduechte Firmegrënnungen an deemtsprechend e Faillitten. Well och schonn haut stelle rezent gegrenzten Sàrlen mat dem Minimum vun 12.000 an eppes Euro Startkapital bal d'Halschent vun de Faillitten zu Lëtzebuerg duer. A mir mengen, datt d'Baisse vum Niveau vum Startkapital sécher net dozou féiere wäert, datt den Niveau oder den Undeel vun de Faillitte wäert erofgoen.

Verantwortungen a Verflüchtungen huet en Entrepreneur der eigentlech vill: par rapport zu de Créancieren, andeem e seng Schold zréckbezilt, par rapport och zum Stat, par rapport zu deene Steieren an och Cotisatiounen, déi e bezuele muss, an och par rapport zu de Salariéen, well näischt verhënnert, datt och eng Sàrl simplifiée Personal beschäftigt. An et ass d'Personal, wat an éischter Linn bei enger Faillite am schlémmste beträff ass.

Dat riskéiert bei dësem Typ vun Entreprise net besser ze ginn, well vu virera kee Minimalbetrag erfuerdert ass. Et handelt sech also an eisen Aen ëm e Gesetz, dat d'Fräiheet vum Entrepreneurat weider op d'Spëtz dreift, mä et awer gläichzäiteg duerch déi extrem beschränkten Haftung vum Risiko wesentlech befreit. E Risiko, deen awer d'Grundlag ass vun där liberaler Aktivitéit. An e Risiko a seng Käschten am Fall vun der Faillite, déi dann op d'Allgemengheet a respektiv op potenziell Salariéen ofgewälzt kënne ginn.

Drëttens: d'Auswierkunge vun der Sàrl simplifiée op d'Aarbechtswelt, op d'Léin, d'Aarbechtsbedingungen a generell op d'Entwécklung vun den Aarbechtskonditiounen. An deene leschte Méint gouf ganz vill vun där sougenannter „Uberisatioun“ geschwat. E Begrëff, dee vill verschide Konnotationen huet, mä deen ech hei am Kontext vun dëser Debatt als Court-circuitage géif bezeichne vun de Prinzipie vum traditionelle Salarat an der sozialer Ofsecherung, déi domadder zesummenhänkt.

Mat der Aféierung vun der Sàrl simplifiée kéint dës Entwécklung och zu Lëtzebuerg antrieden an a ville Beräicher verallgemengert ginn. Natierlech hu mir fir Uber, wat d'Taxien ugeet, eng Reglementatioun, déi elo net direkt dovunner beträff ass, mä dee Prinzip, deen do hannendrustéicht, deen och genannt ginn ass, dee vun der Schäinselfstständegkeet, leeft Gefor, iwwerhandzehuelen.

Ech sinn och net berouegt vun deenen Explikatiounen, déi den Här Fayot als Rapporteur ginn huet, datt d'ITM dat kontrolléiere géif, well grad an deem dote Beräich schéngen eis d'Kontrollen awer ganz schwierig ze sinn. Well et geet jo zum Deel drëm, datt Leit vun doheem aus schaffen, och wa se am Dénsght fir eng aner Entreprise schaffen, a mir stellen eis et ganz schwierig vir, wéi déi Kontrollen am Konkrete sollen ausgesinn.

Et riskéiert duerch dese System zu enger verallgemengter Selbstausbeutung ze kommen. D'Associé vum enger Sàrl simplifiée ënnerleien näamlech als Patron net de Schutzbestimmungen vum Code du Travail. Si brauche kee Mindestloun ze kréien. Iwwerstone ginn net kontrolléiert an och net bezuelt. Si bilden - oder zumindest ass et eng Gefor, datt et doroperausleeft - eng Zort deloyal Konkurrenz géigeniwwer vu Salarié vu Betriber, déi natierlech vun der Applikatioun vum Aarbechtsrecht profitéieren an doduerjer och potenziell kënne méi deier sinn.

D'Konsequenze vun esou enger Entwécklung riskéiere Loundumping, manner Embauchen a méi prekär Aarbecht ze sinn. Et ass jo net nëmmen d'Fro, datt mer Aarbechtsplaze schafen, mä et ass jo och d'Fro, wéi eng Aarbechtsplaze mer schafen!

Här President, d'Regierung huet dës Ännerung vum Gesetz vun de Sociétés commerciales zwar als eng Moosnam zur Schafung vu méi Aarbechtsplazen ugekënnegt, mä esou wéi mir et gesinn, besteet d'Gefor, datt de Géigendeel Realitéit ka gi respektiv datt nei Plazen ëmmer méi onsécher gi respektiv ëmmer méi schlecht bezuelt ginn.

Mir mengen, datt esou oder esou fir d'Leit, déi schaffe ginn, dëst Gesetz net onbedéngt eppes Positives bréngt. Mir stëmmen dowéinst dergéint, well mer der Meenung sinn, datt et onnéideg ass. Et wäert net zu vill neien Entrepreneure kommen, a si wäerten och net de Start bilde vun enger erfollegräicher Carrière. Mä d'Méiglechkeet, datt d'Zuel vun de Faillitte weider no uewe geet, ass immens grouss. Et wäert weder Aarbechtsplaze schafen, mä éischter zu Loundumping féieren. An et kann an eisen Aen net d'Grundlag si vun enger nohalterger ekonomescher Entwécklung.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och. Domat si mer um Enn vun eiser allgemenger Diskussioun ukomm. An d'Wuert huet den Här Justizminister, de Félix Braz.

#### Prise de position du Gouvernement

► **M. Félix Braz**, *Ministre de la Justice*.- Merci, Här President. Wéi fänkt e Betrib un? Well e Geld huet oder well en eng Iddi huet?

Haut fänken d'Betriber un, wa se eng Iddi hunn, an net well se zoufälleg vill Kapital geierft hu vun den Elteren oder vun de Grousselteren an da gi se dat emol aus. Au départ ass eng Iddi, besonnesch an enger Zäit, wou d'Wueren net méi produziéiert ginn. Iddie sinn haut Wueren. Déi muss een net virdrun opwendeg produziéiert hunn, materialiséiert hunn. Haut kann een ufänke mat schaffen, wann een déi richteg Iddi huet an dofir och Clienté fënn.

An dat Beispill, wat den Här Baum elo falsch gemaach huet bei der Madamm Lorsché, ass awer e ganz gutt Beispill: D'Beispill vum Webdesigner, dat ass e richteg! Mat der aktueller Legislatioun misst een, deen eng Iddi huet, deen eppes kann, deen ausser engem Laptop näischt brauch, fir seng Aktivitéit kënnen unzefänken, haut dann awer emol 12.000 Euro iergendwou zesummefanne goen, ier e kéint lassleën. Dobäi brauch e sech eigentlech nëmmen de Laptop unzëeegnen. Dat geet duer. Méi Geld brauch en net.

#### (Interruption par M. Marc Baum)

De Rescht huet en alles! De Rescht huet en alles.

#### (Interruption)

Dat ass net datselwecht, Här Baum. Dir musst och elo schonn akzeptéieren, dass ech lech probéieren ze äntwerten.

Dee kann dann haut duerch dëst Gesetz effektiv mat sengem Outil de travail lassleën. An da gëtt gesot, deen hätt dann duerno eigentlech jo nëmme Problemer, well en hätt jo keng Suen. Ma neen, neen! Dee fänkt jo dann eng Aktivitéit un, wou e Clienté kritt, wou e Rechnungen kann ausstellen, wou en do u Sue kënnt. Et geet net drës, dass déi Firmen do Firme sinn ouni Suen. Och déi wäerte Suen hunn. Déi wäerte sech entwéckelen an hoffentlech aus där Sàrl simplifiée erauskommen. Mä déi brauchen awer keng, fir unzefänken, wa se dat hunn, wat se brauchen, an déi richteg Iddi hunn a Clienté fannen. An da kréie se och d'Suen, wa se hir Rechnungen kënne verschécken.

Iddie sinn haut Betriber. Innovation, Esprit d'entreprise, sech eppes trauen, Entrepreneurs-

geescht hunn, mat dat Flottst, wat et gëtt an enger Gesellschaft wéi där Lëtzebuergescher, déi eng oppen Economie huet a wou d'Leit sech mat hire Potenzialen kënnen entwéckelen. Dat ass dach eng vun de schéinsten Notiounen, déi mer kennen: den Esprit d'entrepreneur. An dëst Gesetz wëllt genau dat dote méi liicht maachen a méi liicht zougänglech maache fir déi Leit, déi déi richteg Iddien hunn.

De Léon Gloden huet geschwat vum „démarrage“. Ech benotzen éischter den Term vum „décollage“. Et geet net nëmmen drës, um Buedem Gas ze ginn, et geet wierklech drës, och an der Sàrl simplifiée kënnen ofzehiewen, dann, en vol, hoffentlech e laangen a rouege Vol ze hunn. Mä et ass méi wéi nëmmen den Démarrage. Hei geet et wierklech ëm den Décollage vun der Entreprise, dass déi an d'Aktivitéit ka kommen. An dofir sinn eng Rei wichteg Elementer dran.

1 Euro Kapital geet duer. Et däréf awer méi sinn. Et ass kee Verbuet, 2.000 Euro oder 3.000 oder 4.000 oder 5.000 Euro ze hunn. Et ass falsch ze soen, et wär nëmmen 1 Euro. Dat däréf ee wuel, mä et däréf een och méi wéi 1 Euro hunn. Et däréf een och säi Material an d'Kapital abréngen. Dat huet och eng Valeur. Et ass net nëmmen den Euro, deen een aus der Täsch hëlt. Kommt, mir maachen et net méi vereinfacht, wéi et a Wierklechkeet ass!

Et muss een net méi bei den Notaire goen. Et däréf een awer bei en Affekot goen; et muss een net. Et kritt keen eppes verbueden, mä déi, déi et eleng fäerdegbréngen, mat der Ënnerstëtzung vun der Chambre de Commerce a mat deene Formulairen, déi et gëtt, ma deene geet dat och duer. Een, dee sech wëllt dorüwwer eraus ofsécheren, professionelle Conseil kréien, deen däréf weiderhin alles maachen. Dëst Gesetz verbitt dat net! Mir erlabe just e vereinfachte Kader dofir.

Da sinn eng Rei Suergen artikuliert ginn, notament vun der Chambre des Salariés, awer net nëmmen. Ech wëll soen, dass ech déi Suerge ganz eescht geholl hunn. Ech mengen awer, mir hunn déi Suerge beäntwert. Da muss een och bei d'Antwort bis kommen, och hei an der Debatt. Et däréf een net bei der Fro stoe bleiwen. An déi Froen, déi ee selwer stellt, muss een och selwer beäntworten. Mir hunn eng Antwort op déi Froe ginn, déi gestallt gi sinn, notament vun der Chambre des Salariés.

Déi éischt Suerg war: Wa mer esou eng Sàrl simplifiée schafen, da gëtt dat mëssbraucht vun enger Rei Leit, fir esou eng Këscht mat honnert Tiräng vu Sociéitéten opzebauen, vu dass se nëmmen iwwerall 1 Euro Kapital müssen drastiechen, fir duerno alles immens opaque ze maache mat Verschachtelungen. Dat ass eng reell Gefor. An dat gëtt et zum Deel am Ausland, wou wierklech Leit mat Sociéitéten eng Abberzuel där Mini-GmbHen an där heiter Sàrl gegrennt hunn, fir duerno all méiglech Operatiounen an Transfere kënnen ze maachen, bis hin zur Onkenntlechkeet. Dat geet mat dësem Gesetz net, aus e puer Grënn.

Éischte Grond: Keng Kierperschaft däréf am Kapital vun enger Sàrl simplifiée sinn. Et kënnen nëmme Privatpersounen sinn. An all Privatpersoun kann nëmmen an enger Sàrl simplifiée sinn. Domadder ass déi Gefor zu Lëtzebuerg eliminéiert, an net just méi schwéier gemaach oder e bësse verhënnert. Si ass eliminéiert! Dat gëtt et mat eisem Gesetz mat Sécherheet net! Dat sinn awer wesentlech Aspekter.

Dann d'Fro vun der Schäinindépendance. Och mat deem Argument hu mer eis beschäftigt. Éischters muss een awer soen, dass dat Argument do net spezifesch gëllt fir d'Sàrl simplifiée. Dat kann ee jo och soe bei der normaler Sàrl. Och haut kann ee schonn e Mataarbechter dozou bréngen, dass en eng normal Sàrl constituéiert, fir en dann an enger Schäinindépendance ze hunn. Dat ass also iwwerhaupt keng Spezifitéit vun der Sàrl simplifiée an domadder och keen Element, wat duergeet, fir d'Sàrl simplifiée ze delegitiméieren.

Well och bei engem Kapital vun 12.000 Euro - den Här Reding huet et jo erkläert -, dat Kapital ass jo net blockéiert! Dir kënnt jo haut och eng Sàrl grënnen, Dir leet de Certificat vun der Bank dohin, dass Der 12.000 Euro hutt, an deen Dag drop sinn déi 12.000 Euro fort! Et ass also och haut iwwerhaupt kee Problem, eng Schäinindépendance am Kader vun enger Sàrl ze grënnen, wann net opgepasst gëtt. Et ass also sécher keen Argument géint d'Sàrl simplifiée.

D'Chambre des Salariés huet iwwregens net gesot, si wär dergéint, dass eng Sàrl simplifiée zu Lëtzebuerg géif agefouert ginn! Esou hunn déi dat guer net gesot! D'Chambre des Salariés huet just gesot, fir där Gefor vun de Schäinindépendancen ze begéien, sollt een e System opstellen, deen et erlaabt, eng Kontroll, eng permanent Kontroll vun deenen Sàrl-simplifiéen ze maachen.

A si hu sech dobäi esou e System ausgeduecht vu Reporting, e ganz breeden a komplizéierte System vum Reporting, mam Resultat, dass, wann een dat op all Sàrl simplifiée applizéiert hätt, dann hätt ee wuel deen Zweck do erreecht an erfëllt, mä et hätt ee praktesch all Avantage vun der Sàrl simplifiée gläichzäiteg eliminéiert. Dat war also eng Léisung, déi ze vill schwéierfällg war, déi net proportionéiert an zilorientéiert gewiescht wär.

Dofir hu mer och mam Aarbechtsministère geschwat, ob haut d'ITM d'Méiglechkeeten huet, d'Moyenen huet oder ob se zousätzlech legal Moyene bräicht, fir kënne stéchproufaarteg bei den Sàrl-simplifiéen ze kontrolléieren. An dat geet och vëllegen duer. An d'Antwort vum Aarbechtsministère war: „Mir kënnen dat. Mir hunn déi Base légale, déi mer brauchen. Mir brauchen an dësem Gesetz keng weider Base légale.“

Dat ass d'Antwort vum Aarbechtsministère, an dat war och d'Kritik vun der Chambre des Salariés. D'Chambre des Salariés war net der Meenung, dass een zu Lëtzebuerg dat heiten iwwerhaupt net brauch. Dat, mengen ech awer, si wesentlech Informatiounen.

A mir wësse jo och, a wéi enge Secteuren dass déi meeschte Gefore lauerer, déi sinn och virdru genannt ginn: am Transportsektor, bei den Taxien. A wann een do gezielt a stéchproufaarteg virgeet, huet ee ganz grouss Chancen, déi meeschte Verrenkungen, déi et haut scho bei der Sàrl gëtt, dann och eventuell bei der Sàrl simplifiée kënnen opzegräifen.

Dann huet den Här Baum och gesot, duerch d'Sàrl simplifiée kéim et elo zur Opaciteit bei de Geldtransfere. Ech weess wierklech net, wou Der dat Argument hierhuet! Well fir d'Banke gëllen hir Obligatiounen fir ze kontrolléiere komplett onofhängeg dovun, wat fir eng Sociéitéteform dass et ass. Eng Bank muss haut bei jiddwerengem den „know your customer“ anhalen. Si hunn d'Obligatioun, alles ze dénoncéieren, wat hinnen op iergendeng Aart a Weis bei enger Transaktioun suspekt schéngt, a si müssen all Dispositiounen respektéieren bei der Lutte géint de Blanchiment. Wou Der do en Ënnerscheed wëllt maachen, ob et eng SA ass oder eng Privatpersoun oder eng Sàrl oder eng Sàrl simplifiée, dat huet kee Rapport! Et ass also en Argument, wat och keen Argument géint d'Sàrl simplifiée ass.

Am Resümee, Här President, mengen ech, dass mer hei en zousätzlechen Outil den Entrepreneuren am Land zur Verfügung stellen. Ech behaupten net, dass dëst Gesetz e Wonnerméttel ass, dass dëst Gesetz d'Lëtzeburger Wirtschaft wäert revolutionéieren. Ech soen awer grad esou däitlech, dass dëst Gesetz net ouni Notzen ass. Et gëtt Leit, et gëtt Iddien, et gëtt Secteuren, et gëtt Initiativen, fir déi et passend ass!

A mir hu wuel drop opgepasst, dass et keng Abusen heimadder gëtt: duerch d'Aschränkung, dass nëmme Personne-physiquë kënnen eng grënnen, duerch d'Aschränkung, dass all Personne physique nëmmen an enger kann dra sinn, dass een eng Autorisation d'établissement brauch opgrond vum Gesetz vun 2011 - dat huet de Champ d'application -, an d'Aart a Weis, wéi mir dat zu Lëtzebuerg maachen, contrairement zu deene Länner, déi et virun eis gemaach hunn, well mir waren net de First mover, an dofir hu mir aus hire Feeler geléiert. Eist Gesetz ass kloer perimetréiert. D'Gefor vun Abusen ass ganz geréng.

Si erfëllt awer hiren Zweck. Et ass kee Wonnerméttel, mä si huet och net keen Notzen. Et ass en Outil, dee passend ass fir eng Rei vun Aktivitéiten a fir eng Rei vun Entrepreneuren. Déi brauchen dat. Anerer brauchen dat heiten net. An nach anerer wäerten heimadder och keen Unfug kënne maachen.

Et ass e gutt Gesetz, wat eis Wirtschaft brauch. An ech soen all deene Merci, déi d'Gesetz wäerten ënnerstëtzen. An ech sinn och bereet, déi Motioun, déi proposéiert ginn ass, unzehuelen, well se déi pertinent Froe stellt, déi mer mat engem Bilan solle beäntworten. An ech sinn iwwerzeegt, dass dëst Gesetz an deenen nächste Méint vill Uklang wäert fannen.

A wann och ëmmer nees gesot gëtt, dass esou vill Faillitte bäikommen: Wësst Der, d'Zuel vu Faillitte steigt och nëmmen dann, wann och d'Zuel vu Grënnunge vu Betriber steigt. Wat mer méi Betribsgrënnungen hunn, wat natierlech och d'Gefor méi grouss ass, dass och Betriber Faillite maachen. Dat wäert hei net anescht ginn! Et wäerten och Leit eng Sàrl simplifiée grënnen, déi Faillite wäert maachen. Mä et wäerten der awer och vill gegrennt ginn, déi nom Décollage hiren Envol huelen, déi duerno wäerten an eng normal Sàrl kënnen ëmgewandelt ginn an duerno och wäerte ville Leit eng Aarbecht ginn an enger Economie, déi sech entwéckelt an den Entrepreneuren entgéintkënn.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!





► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Minister.

Da kënnen mer direkt zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6777 iwwergoen.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 6777 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass eriwwer.

De Projet de loi 6777 ass mat 55 Jo-Stëmmen, bei 5 Nee-Stëmmen ugehall.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens ze ginn?

**(Assentiment)**

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

An da géife mer zur Motioun iwwergoen.

**Motion 1**

Si Wuertmeldungen zur Motioun?

**(Négation)**

Dat ass net de Fall. D'Regierung huet jo dozou Stellung och bezunn.

Insistéiert d'Chamber op en elektronische Vott oder kënnen mer mat Handophiewen iwwert d'Motioun ofstëmmen?

**(Assentiment)**

**Vote sur la motion 1**

D'accord. Ma da géif ech lech bieden, ze weisen, wien derfir ass.

D'Géigeprouf: Wien ass dergéint? Enthalungen?

D'Motioun 1 ass unanime ugehall.

**5. 5730 - Projet de loi portant modernisation de la loi modifiée du 10 août 1915 concernant les sociétés commerciales et modification du Code civil et de la loi modifiée du 19 décembre 2002 concernant le registre de commerce et des sociétés ainsi que la comptabilité et les comptes annuels des entreprises (suite)**

Da wollt ech lech nach op eppes opmierksam maachen zum Projet de loi 5730, dee mer vir-druck ofgestëmmt hunn. Ech hat vergiess, lech drop opmierksam ze maachen, dass eng Erreur de renvoi sech am Artikel II.9bis ageschlach huet. Dat ass am Text, wou mer driwwer ofgestëmmt hunn, rectificéiert ginn. De Statsrot ass och vun där Ännerung a Kenntnis gesat ginn.

Ass d'Chamber mat mir d'accord, dass mer iwwert deen ofgeännerten Text ofgestëmmt hunn?

**(Assentiment)**

Merci. Dann ass dat esou. D'Dispens hat ech jo gefrot. Merci!

Mir géifen dann zum nächsten, oder deenen nächste Projeten iwwergoen. Dat sinn d'Projeten 6869 bis 6874. Et geet do ëm Konventiounen tëschent dem Stat an de Glawensgemeinschaften. D'Riedezäit ass nom Modell 1 virgesinn. A mir waren eis eens, dass mer d'Presentatioun an d'Diskussioun zu all deene Projeten an engem Jet géife maachen. An d'Wuert huet elo direkt de Rapporteur, den Här Lex Delles.

**6. 6869 - Projet de loi réglant le montant et les modalités d'octroi du soutien financier annuel à l'Église catholique, arrêtant les exemptions**

**en matière d'acquisition d'immeubles affectés à l'exercice du culte catholique et portant**

**1. modification de la loi modifiée du 30 avril 1873 sur la création de l'évêché**

**2. modification de certaines dispositions du Code du Travail**

**3. abrogation de la loi du 10 juillet 1998 portant approbation de la Convention du 31 octobre 1997 entre le Gouvernement, d'une part, et l'Archevêché, d'autre part, portant refixation des cadres du culte catholique et réglant certaines matières connexes**

**4. abrogation de certaines dispositions de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État**

**6870 - Projet de loi réglant le montant et les modalités d'octroi du soutien financier annuel à la communauté israélite du Luxembourg, arrêtant les exemptions en matière d'acquisition d'immeubles affectés à l'exercice du culte israélite, conférant la personnalité juridique au Consistoire israélite et portant abrogation de la loi du 10 juillet 1998 portant approbation de la Convention du 31 octobre 1997 entre le Gouvernement, d'une part, et les communautés israélites du Luxembourg, d'autre part**

**6871 - Projet de loi réglant le montant et les modalités d'octroi du soutien financier annuel à l'Église anglicane du Luxembourg, arrêtant les exemptions en matière d'acquisition d'immeubles affectés à l'exercice du culte anglican, conférant la personnalité juridique à ladite Église et portant abrogation de la loi du 11 juin 2004 autorisant l'État à prendre en charge les traitements et pensions des ministres du culte de l'Église anglicane du Luxembourg et conférant la personnalité juridique de droit public à ladite Église**

**6872 - Projet de loi réglant le montant et les modalités d'octroi du soutien financier annuel à l'Église orthodoxe au Luxembourg, arrêtant les exemptions en matière d'acquisition d'immeubles affectés à l'exercice du culte orthodoxe, conférant la personnalité juridique aux Églises orthodoxes et portant abrogation de la loi du 10 juillet 1998 portant approbation de la convention du 31 octobre 1997 entre le Gouvernement, d'une part, et l'Église orthodoxe hellénique du Luxembourg, d'autre part, et de la loi du 11 juin 2004 autorisant l'État à prendre en charge les traitements et pensions des ministres du culte des Églises orthodoxes roumaine et serbe du Luxembourg et conférant la personnalité juridique de droit public aux dites Églises**

**6873 - Projet de loi réglant le montant et les modalités d'octroi du soutien financier annuel à l'Église protestante du Luxembourg et à l'Église protestante réformée du Luxembourg, arrêtant les exemptions en matière d'acquisition d'immeubles affectés à l'exercice du culte protestant, conférant la personnalité juridique aux Églises protestantes et portant abrogation de la loi du 23 novembre 1982 portant approbation de la convention de reconnaissance de l'Église protestante réformée du Luxembourg, octroi de la personnalité juridique à celle-ci et détermination des fonctions et emplois rémunérés par l'État, et de la loi du 10 juillet 1998 portant approbation de la convention du 31 octobre 1997 entre le Gouvernement, d'une part, et l'Église protestante du Luxembourg, d'autre part**

**6874 - Projet de loi réglant le montant et les modalités d'octroi du sou-**

**tien financier annuel à la Communauté musulmane du Grand-Duché de Luxembourg, arrêtant les exemptions en matière d'acquisition d'immeubles affectés à l'exercice du culte musulman et conférant la personnalité juridique à l'Assemblée de la Communauté musulmane du Grand-Duché de Luxembourg**

**Rapport de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle sur les projets de loi n°6869, n°6870, n°6871, n°6872, n°6873 et n°6874**

► **M. Lex Delles (DP), rapporteur.** - Merci villmools, Här President. „Um ihrem eigentlichen Auftrag zu genügen, muss die Kirche immer wieder die Anstrengung unternehmen, sich von der Weltlichkeit der Welt zu lösen. (...) Die Geschichte kommt der Kirche in gewisser Weise durch die verschiedenen Epochen der Säkularisierung zur Hilfe, die zu ihrer Läuterung und inneren Reform wesentlich beigetragen haben.“

(...) die Streichung von Privilegien oder Ähnliches - bedeuteten nämlich jedes Mal eine tief greifende Entweltlichung der Kirche (...).

Die von materiellen und politischen Lasten und Privilegien befreite Kirche kann sich besser und auf wahrhaft christliche Weise der ganzen Welt zuwenden, wirklich weltoffen sein. Sie kann ihre Berufung zum Dienst der Anbetung Gottes und zum Dienst des Nächsten wieder unbefangener leben.“

**(Mme Simone Beissel prend la présidence.)**

Madamm Presidentin, léif Kolleegen, déi Wierder, déi ech lech elo grad virgelies hunn, stammen aus dem Mond vum Poopst Benedikt XVI.,...

**(Interruptions)**

Net direkt vu mir.

...wéi dëse bei enger Visitt an Däitschland am September 2011 eng Ried am Freiburger Konzerthaus gehalten huet. Dës Ried ass vu ville Kirchenexperten a Journalisten als eng Fuerderung fir méi Trennung vu Kierch a Stat verstane ginn.

Och zu Lëtzebuerg gouf a gëtt nach ëmmer vill iwwer eng Trennung vu Kierch a Stat geschwat. Dobäi hat zumindest dës Regierung ni wëlles, all Relatiounen tëschent dem Stat an der Kierch ze kappen, also eng vollkommen Trennung vu Kierch a Stat ze forcieren.

Am Regierungsaccord huet et 2013 geheescht: «Les réalités sociétales requièrent une remise en cause des relations actuelles entre l'État et les cultes. Les partis de la coalition gouvernementale affirment le principe du respect de la liberté de pensée, de la neutralité de l'État à l'égard de toutes les confessions religieuses ainsi que de l'autodétermination des citoyens.»

D'Verhältnis tëschent Stat a Cultes soll also nei geregelt ginn. Vun Trennung vu Kierch a Stat kann iwwerhaupt keng rieds sinn. An dobäi wëll ech och direkt drop hiweisen, dass d'Bezeichnung „Trennung vu Kierch a Stat“ schonn e bëssen ambigu ass, well et gëtt net nëmmen eng Kierch oder eng Relioun zu Lëtzebuerg, mä därer e puer. Ech kommen duerno nach dorobber ze schwätzen.

Am Regierungsprogramm vun 2013 heescht et weider: «Le Gouvernement dénoncera les conventions existantes pour entamer des négociations avec les cultes, lancer une discussion sur leur financement et redéfinir les relations entre les communes et les cultes.»

Dës Négociatiounen hunn am Joer 2014 ugefaangen an haben als Resultat, dass de 26. Januar 2015 Konventiounen mat sechs verschidene Glawensgemeinschaften konnten ënnerschriwwen ginn. Et sinn dës déi kathoulesch Kierch, d'israelesch Communautéit, d'anglikanesch Kierch, d'orthodox Kierch, déi protestantesch Kierch an d'muselmanesch Communautéit zu Lëtzebuerg.

Et handelt sech ëm déi Culten, déi zu Lëtzebuerg offiziell unerkannt sinn no de Kritären, déi d'Chamber selwer an enger Motioun vum 18. Juni 1998 festgehalten huet: Et muss sech ëm eng global unerkannte Relioun handeln. De Culte muss an op d'mannst engem anere Memberstat an der Europäescher Unioun offiziell unerkannt sinn. Den Ordre public muss vun der Glawensgemeinschaft respektéiert ginn. D'Glawensgemeinschaft muss zu Lëtzebuerg mat enger Struktur etabléiert sinn a schlisslelech genuch Unhänger op lëtzebuergeschem Territoire hunn.

D'Schura, also d'Assemblée vun der muslimescher Communautéit, erfëllt all dës Kritären, wat erkläert, firwat och mat hir fir déi éischte Kéier eng Konventioun ofgeschloss gouf. Et wier och schwéier novollzéibar gewiescht, wann een déi ronn 10.000 bis 12.000

Moslemen, déi ënner 32 Nationalitéiten zu Lëtzebuerg liewen, komplett ignoréiert hätt.

Déi sechs Projets de loi, iwwert déi mer haut schwätzen an déi den 9. September 2015 vum Premier- a Kultusminister Xavier Bettel an der Chamber deposéiert goufen, hunn als Objet, en Deel vun de virdu genannte Konventiounen per Gesetz ëmzesetzen.

Virun allem d'Konventioun mat der kathoulescher Kierch huet net nëmmen d'Finanzéierung als Objet, mä och nach zum Beispill d'Aféiere vun engem Wäerteunterrecht, d'Ofschafe vu gewëssen Obligatiounen vun de Gemengen vis-à-vis vun de Kierchfabriken an d'Kreatioun vun engem Fong, deen d'Kierchfabriken ersetze soll. Dës Punkte goufen oder ginn iwwer aner Projets de loi geregelt wéi déi, iwwert déi mer haut hei befannen.

Aner Inhalter aus de Konventiounen brauchen net vum Législateur approvéiert ze ginn, wéi zum Beispill, dass d'Culté sech dozou verpflichtet hunn, kee Personal méi ënnert dem Statut vun engem Ministre du culte anzustellen, wouop ech duerno nach eng Kéier am Detail ze schwätze kommen.

Et ass op verschiddene Plazen d'Fro opgeworf ginn, ob net d'Konventiounen hätte misse als Ganzt vun der Chamber approvéiert ginn. Effektiv goufen zum Beispill d'Konventiounen aus dem Joer 1997 mat dem Bistum, der israellescher Communautéit, der protestantescher Kierch an der orthodoxer Kierch der Chamber ganz zur Approbation ënnerbreet.

Dat ass awer laut Artikel 22 vun eiser Verfassung net néideg, well virgesinn ass, dass just déi Dispositiounen vu Konventiounen musse vun der Chamber approvéiert ginn, déi och effektiv eng Interventioun vum Législateur brauchen.

De Statsrot huet sech a sengem Avis vum 24. Februar 2016 mat dëser Approche vun der Regierung averstane gewisen a preziséiert, dass et sech hei net ëm eng nei oder aussergewöhnlech Virgoansweis handelt. De Statsrot rappeléiert nämlech, dass déi héich Kierperschaft schonn e puermol déi Interpretatioun vum Artikel 22 verdeedegt huet, esou zum Beispill an hirem Avis vum 9. Dezember 2003 iwwert de Projet de loi, deen en Avenant zur Konventioun vum 31. Oktober 1997 mat der orthodoxer Kierch approvéiere sollt.

Där Beispiller gëtt et der nach e puer méi. An ech verweise fir den Detail op den Avis vum Statsrot zu dësem Projet de loi.

Ech wëll awer nach bemerken, dass ausserdeem d'Konventiounen un d'Projets de loi souwéi och un de schrëftleche Rapport als Annex drugehaang goufen, soudass jiddwereen heibanne sech konnt e geneet Bild vun hirem Inhalt maachen.

Madamm Presidentin, wéi ech scho gesot hunn, hunn déi sechs Projets de loi als Objet, déi jeeweileg Finanzéierung vun den unerkannte Reliounsgemeinschaften zu Lëtzebuerg ze regelen. Fir dës ze maachen, hunn d'Projets de loi och nach eng Partie aner Punkte missten abordéieren.

Fir unzefänke muss natierlech all Culte eng Personnalité juridique besetzen, fir dass de Stat och Sue kann iwwerweisen. Fir déi eng Reliounsgemeinschaft war dat kee Problem, vu dass hir Personnalité juridique schonn existéiert. D'Gesetz vum 30. Abrëll 1981 huet de Bistum constituéiert, deen offiziell vum Bëschof, dem Vicaire général oder engem Delegierte vertruede gëtt. Dës Gesetz gëtt bäibehalen, vu dass de Projet de loi net virgesäit, et ze abrogieren.

D'Personnalités juridiques vum Consistoire israélite an der Église anglicane ginn och bäibehalen, andeems eng Dispositioun, déi elo schonn en vigueur ass, einfach iwwerholl gëtt.

D'Schura hirsäits kritt mat hirem Projet de loi fir déi éischte Kéier eng Personnalité juridique de droit public vum Législateur zougesprach.

Wat d'Cultes orthodoxe et protestant ubelaangt, war d'Saach e bësse méi komplizéiert. De Moment erkenne mer folgend Personnalités juridiques un: déi griechesch-orthodox Kierch, déi rumänesch-orthodox Kierch, déi serbesch-orthodox Kierch, d'Église protestante an d'Église protestante réformée.

Déi initial Versioun vun de Projets de loi huet virgesinn, dës Personnalités juridiques ofzeschaffen a se duerch zwou Personnalités juridiques ze ersetzen, an zwar déi vun der orthodoxer Kierch tout court a vun der protestantescher Kierch tout court.

No respektiven Oppositions formelles vum Statsrot huet d'Kommissioun allerdéngs déci-